N°1443
Entrée le 25.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 1443 vum 29. Oktober 2024 vun der Madamm Deputéiert Liz Braz.**

Aleedend ass ze soen dass de Service psychologique vun der Arméi säit 2022 aus zwou Cellule besteet:

- enger Cellule „*Opérationnalité mentale*“ déi zoustänneg ass fir de psychologesche Soutien, d'Präparatioun op Missiounen, Formatioun, souwéi de Suivi vun der Grondausbildung vun den Zaldot·inn·en ; an
- enger Cellule „Sélection et psychologie organisationnelle“ déi zoustänneg ass fir de Rekrutement, d'Selektioun, d'Evaluatioun an d'Präventioun vu psychosoziale Risiken.

Hei ass ze bemierken, dass déi zwou Cellule komplett onofhängeg vunenee schaffen.

*- Wéi vill Psychologe schaffen am Moment an der Lëtzebuerger Arméi?*

Am Moment schaffen 2 Psychologinnen (75% a 50% vun enger Vollzäit), an der Cellule *Opérationnalité mentale*, souwéi 2 Psycholog·inn·en (à jeeweils 60 %) an der Cellule *Sélection et psychologie organisationnelle*.

*- Wéi vill Zaldoten hunn an de leschte fënnef Joer eng psychologesch Ënnerstëtzung kritt?*

Säit Ufank 2024 huet d'Cellule *Opérationnalité mentale* ronn 100 individuell Suivie vu Persounen, déi an der Arméi täteg sinn (Zaldot·inn·en, Karriärsmilitär, zivilt Personal), gemaach, dorënner 55 Zaldot·inn·e.

2023 goufen 62 individuell Suivie vum ganze Personal vun der Arméi gemaach, dorënner 38 Zaldot·inn·en.

Fir déi Period virdru besti keng consolidéiert Chifferen.

*- A wéi wäit kënne Familljemembere vun Zaldoten de psychologesche Service vun der Arméi an Usproch huelen?*

Familljemembere kënnen net direkt op de psychologesche Service vun der Arméi zeréckgräifen, ausser wann hir Kanner respektiv Partner am Ausland an der Missioun sinn. An deem Fall kënne si sech bei der Cellule *Opérationnalité mentale* mellen. Si hunn och generell Accès op de Support vun de Servicer vun enger ASBL, mat där d'Direktioun fir Defense säit 2018 eng Konventioun huet. Dësen Appui ka vun de Familljememberen an Usproch geholl ginn, am Fall vun der Absence vum Militär am Kader vun engem Deploiement op nationalem oder internationalem Plang.

De Regierungsprogramm gesäit d'Opstelle vun engem onofhängege psychologesche Service vir, deen sech ënner anerem mat traumateschen Erfarungen, private Probleemer a Familljekonflikter befaasse soll.[1] An deem Kader ass envisagéiert, dass am Zesummenhang mat Probleemer, déi z.B. duerch traumatesch Erfarungen ausgeléist goufen, an dat privat oder familiäert Liewen impaktéieren, och Familljememberen sech un dëse Service wende kënnen.

*- Wat sinn d'Prozedure fir en Zaldot fir e Psycholog ze kréien? Geschitt dat op Initiativ vum Zaldot oder op Recommandatioun vu Virgesetzten?*

All Zaldot·in (oder all anert Personal), kann op eegen Initiativ Kontakt mat engem Psycholog aus der Cellule *Opérationnalité mentale* ophuelen, mee dat kann natierlech och op Recommandatioun vu Virgesetzte gemaach ginn.

All Zaldot·in kritt am Ufank, wou hien·si der Arméi bäitrëtt, am Kader vu senger Grondausbildung, verschidde Formatioune vum psychologesche Service gehal (zum Beispill am Beräich vum Apprentissage, der Stresspreventioun an der Gestioun vum Stress), souwéi och Informatiounen iwwert d'psychosozial Servicer vun der Arméi matgedeelt. Hei léiert d'·en Zaldot·in wat fir eng Methode vum Léieren a senger·hirer Ausbildung kënnen hëllefen, wat Stress bedeit an och wéi hien·si mam Stress kann ëmgoen (Otemtechniken, Entspanungsübungen).

Et ginn awer och Situatioune wou e Member vun der Arméi vun engem Virgesetzte recommandéiert kritt d'Hëllef vun engem·r Psycholog·in an Usproch ze huelen. Dëst kann awer ausserhalb vun dem Kader hei drënner net imposéiert ginn.

*- Gëtt et eng Verpflichtung e Psycholog virun, wärend oder no engem Deploiement ze consultéieren?*

Jo, d'mental Preparatioun souwéi och den Debriefing no engem Deploiement mat engem·r Psycholog·in gëlle fir all Militär a sinn esou am Programm vun der Instruktioun virgesinn.

*- Wéi eng präventiv Moossname goufen agesat fir dat psychologescht Wuelbefanne vun den Zaldoten ze garantéieren?*

D'präventiv Moossname vun de psychosoziale Servicer vun der Arméi si villfälteg:

- Formatioune, zum Beispill am Beräich vun der Stresspreventioun an der Gestioun vum Stress
- individuell Gespréicher tëscht den Zaldot·inn·en an engem·r Psycholog·in déi den·d'Zaldot·in ënnerstëtzen, de Stress/d'Adaptatioun un de militäresche Milieu besser kënnen ze geréieren
- Tuyauen / Methode fir ze léieren
- Mediatioun am Fall vu Konflikter

[1] « Un second service psychologique indépendant et décentralisé sera établi hors du centre militaire de Diekirch afin de garantir une plus grande discrétion pour le personnel militaire. Ce nouveau service psychologie de l'armée sera chargé notamment des expériences traumatiques personnelles, des problèmes privés et des conflits familiaux. »

D'Personal vun de psychosoziale Servicer vun der Arméi huet ëmmer eng oppen Dier fir all Zaldot·in, an ass do, fir d'Personal ze beroden, ze begleeden, an ze ënnerstëtzen, sief et op professionellem, wéi och op perséinlechem Plang, souwéi zesumme Léisungen ze fannen.

*- Gëtt et Situatiounen an deenen e psychologescht Encadrement obligatoresch ass?*

Jo, am Kader vun der Preparatioun vun engem Deploiement: zwee Entretiene virun der Missioun an een Entretien no der Missioun, souwéi ee kollektive Briefing virun der Missioun an no der Missioun.

*- Op wéi enger Basis gëtt de Besoin vu psychologeschem Staff evaluéiert? Wéi huet d'Arméi an de leschten 20 Joer determinéiert wéi eng Besoinen d'Struktur u psychologeschem Support huet a wat fir Moyenen et bräicht, fir dem Besoin gerecht ze ginn? Ass et dozou schonn eng kéier eng Etude ginn?*

De Besoin vum psychologesche Staff vun der Cellule *Sélection et psychologie organisationnelle* gëtt duerch d'Rekrutementer, déi d'Arméi muss maachen, determinéiert. Well d'Unzuel vun dëse Rekrutementer an de leschte Jore substanziell an d'Luucht gaangen ass, ass de Besoin hei och geklommen.

De Besoin vun der Cellule *Opérationnalité mentale* hänkt dovun of, wéivill Leit d'Arméi fir den Asaz präparéiert. Och hei ass d'Aarbecht an de leschte Jore konstant an d'Luucht gaangen, sou dass och hei d'Struktur sech ugepasst huet.

Dozou ass keng Etüd gemaach ginn, mee sou wéi an allen anere Beräicher an der Arméi gëtt all Joer eng intern Evaluatioun gemaach, wéi d'Servicer missten opgestallt ginn (Personal, respektiv Material/Budget) fir hir Aarbecht a beschte Konditiounen ze maachen. Dowéinst sinn am Joer 2022 aus engem gemeinsame Service der zwee ginn, an déi jeeweileg Servicer si mat Personal verstäerkt ginn.

*- Sinn an noer Zukunft Rekrutementer vu psychologeschem Support fir d'Arméi virgesinn? Wa jo, wéi vill a wéi eng (Neuropsychologen, Psychiater, Verhalenstherapeuten etc.)?*

Um Niveau vun der Cellule *Opérationnalité mentale* si fir de Moment keng Rekrutementer an noer Zukunft virgesinn.

Um Niveau vun der Cellule *Sélection et psychologie organisationnelle* ass de Prozess amgaang, fir een·eng zousätzlech·e Psycholog·in ze rekrutéieren.

*- Wéi gedenkt d'Madamm Ministesch déi mental Gesondheet vun eiser Arméi an Zukunft adequat ze encadréieren?*

Och wann déi uewe beschriwwen Efforten nach verbessert an ausgeweit kënne ginn, sou ass den aktuellen Encadrement awer schonn adequat.

Mam Projet en zousätzlechen onofhängegen psychologesche Service opzestellen, un deen sech d'Militär wéi och d'Membere vun hirer Famill adresséiere kënnen, wäert den Encadrement awer nach verbessert ginn.

Lëtzebuerg, den 25. November 2024.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes